

## Manifestation du 4 juin 2016

### **Discours de Nora Back, secrétaire centrale en charge du syndicat Santé, services sociaux et éducatifs de l'OGBL**

Chers collègues francophones,

J'ai divisé mon discours en deux parties. Une partie luxembourgeoise et une partie française qui résumera ce qui a été dit en luxembourgeois. Je commence avec la partie luxembourgeoise.

Kolleginnen a Kollegen,

Merci fir är Präsenz! Merci un déi sëllegen Stëmmen aus Politik, vun aneren Gewerkschaften, vun ganz villem Beruffsverbänn, a vun Organisationen aus der Zivilgesellschaft déi eis hier Solidaritéit am Virfeld schon ausgedréckt hunn. Merci och un all déi Leit déi sech solidaresch mat dem Gesondheets- Flege A Sozialsector erklärt hunn, léif Frénn a Familjen déi sech verbonnen fillen mat eiser Arbecht. Sie wëssen wéi wichteg Gesondheet an d'Famill ir jiddferen vun eis sinn. An sie wëssen wéi wichteg dofir eisen Sektor ass. Deen Sektor an dem mär schaffen.

Kolleginnen a Kollegen,

Salariéen aus dem Gesondheets-, Flege a Sozialwiesen,

Infirmiers an Educateurs, Sozialpädagogen an aide-soignants, ASFen an Ergotherapeuten, Auxiliaire de vie a Kinéen, Psychologuen an Handwierker, Arbechter an administrativ Matarbechter, an all aner Mataarbechter an de Spidäler, an de Crèchen, an de Foyers, an den Cipaen, am soins à domicile, an de Strukuren fir Leit mat Behënnerung, an den Ateliers Protégés, an de Berodungsstellen, an der Erwuessenebildung an all aneren Betreibungsstrukturen. All sozial an Flegearriichtungen sinn haut hei vertrueden. Mär sinn hei fir eis Kollektivverträg ze verteidegen.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir sinn zu ... Leit op der Strooss!

Vill vun ärch hu sech d'Fro gestallt fierwaat sou éing grouss Demonstrioun nüt vun der Gare op d'Place Clairfontaine gaangen ass.

Ma d'Aentwert ass ganz einfach.

Mär wollten daat, mee d'Buurgermeeschtesch vun der Staat Lëtzebuerg huet eis d'Autorisatioun refuséiert.

Haut ass Braderie. An d'Loscht op d'Akaafen sollt jo nëmmen nüt durch d'Personal aus dem lëtzebuergeschen Gesondheets- a Sozialwiesen vermiest ginn, dat fir séing Kollektivverträg a fir éing besser Pei manifestéiert. D'Staat Lëtzebuerg an hier Geschäftsleit schéngen op d'Kaakraft vun de schaffenden Leit aus dem Gesondheets- a Sozialwiesen an hieren Familien nüt ugewiesen ze sinn. Och Alternativen di mier proposéiert hunn, a wou eisen Trajet d'Braderie guer nüt gestéiert hätt ,sin eis refuséiert gin.

Kolleginnen an Kollegen,

daat huet eis net ofgehaalen fir ze mobiliseeren. An haut den metten sinn mer awer hei an der Staadt.

An egal wou si eis elo higeschéickt hun. Mär sin nüt mi ze iwersinn !

Mir sinn zu ...

An dat aus engem Secteur wou schwéier, flexibel a vill geschafft gëtt. Wou 24 stonnen op 24, 7 Deeg op 7 geschafft gëtt. An duerfir kann och net jidereen haut um Samsden mëtten hei sinn. Niewend all deenen déi hei sinn, schaffen haut nach Dausende mat eisem Sticker um Hiem. Déi soën och wann si net kënnen dobai sinn, well si mussen schaffen, sinn si dobai.

Kolleginnen a Kollegen,

den OGBL feiert dést Joërl 100 Joërl.

100 Joërl Kämpf, 100 Joërl gewerkschaftlechen Asaaz vun den Schaffenden, och op der Strooss, fir fir déi Fuederungen ze kämpfen déi eis alles dat bruet hunn wat mir haut hunn.

All eis alldäglech Arbechts- a Lounbedingungen hu missten hard erkämpft ginn. Wieder wéi WE, congé, bezuelten Iwerstonnen si fir vill Leit eng Selbstverständlichkeitkeet ginn.

Den 8 Stonnen Daag, de Mindestloun, d'Pensiounen, Krankekeess, sozial sécherheet sinn eis net einfach sou an de Schouss gefall. Den OGBL huet e Film iwwert déi gewekschaftlech Geschicht dréine geloss wou engem do regelrecht d'Aen op mécht. Eisen Film weist wéi haart die Kämpf waren. Bis hinn zu Verletzten an Doudegen.. Eis Pappen a Mammen, Boopen a Bomen, an Urgrousspappen an Urgroussammen hunn gekämpft fir eis dat ze erméglechen wat mer haut hunn.

Kolleginnen a Kollegen,

Mee och haut muss den sozialen Fortschritt erkämpft ginn. An dat gëllt och fir eis Secteuren. Fir eis Kollektivverträg. Zénter der Existenz vun denen KV kämpft den OGBL, mat iech zesummen, fir d'Verbesserung vun den Arbechts-a Lounbedingungen an eisen Sektoren. A mir hu schon gewisen datt mer dat können wann et néideg ass. An et ass némmen dank dem gewerkschaftlechen Asaaz, vum OGBL, vu sengen Delegéierten, vu senge Memberen a Militanten, an vun eis all datt mir haut déi 2 staark sectoriell Kollektivverträg hunn ! Et si gudd Kollektivverträg. Wou mer eng ganz Reih Acquisen erkämpft hunn.

Mee et ass 1 Punkt an denen 2 Kollektivverträg wou si et émmer erem probéieren. Wou d'Patronat émmer erem op neit attaquéiert ! An dat ass eise wichtegen Artikel 28. Dee Pilier vun de Verträg dee garantéiert datt mir en Deel sinn vum öffentlechen Secteur. Datt mir Partie intégrante sinn vum öffentlechen Dengschtleeschungssecteur. Deen Artikel deen d'Entwicklung vun eisen Arbechts- a Lounbedingungen garantéiert.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir hunn eisen Artikel 28 zénter der Existenz vun de KV émmer erem missten verteidegen, um Verhandlungsdësch an och net fir d'éicht op der Strooss ! An alt erem ass et esou wait. Alt erem huet Patronat net verstaan datt mir eis do naicht gefaalen loossen. Mee dir hudd et verstan! Dir hudd verstan dass et néideg ass ze kämpfen. Et ass néideg op d'Strooss ze goën, opzestoen, sech ze weisen an ze behaapten, en Zeechen ze setzen.

Kolleginnen a Kollegen,

Mär si bereed ganz wäit ze goën. Esou wait et muss sinn fir datt mer gehéiert ginn. An all deenen, déi nach émmer mengen do wou et em d'Betreitung vun denen Schwaachsten vun der Gesellschaft geet, do darf gespuert ginn, do dürfen déi Idealisten sech drop machen, an sie wärtén schon net fir besser Léin kämpfen,

Jo Kolleginnen a Kollegen,

mir sinn idealisten a mir maachen eis Aarbecht gär a gudd A mär fuederen dofir déi Unerkennung déi eis zousteet. Mir hunn a Recht drop. Et kann net sinn datt mer déi Unerkennung net kréien? Wéi kann et sinn, datt gemengt gëtt Kanner ze versuergen an enger Crèche, MR, an engem Foyer wir dat selwecht wéi doheem seng eegen Kanner ze erzéihen? Datt gesoot gëtt, am soins à domicile hei zu Letzeburg, deen mat öffentleche Gelder, mat de Gelder vun eis all bezuelt gëtt, müssen Leit entlooss ginn aus finanzielle Grënn?

Datt ugeholl gëtt aal Leit an engem Altersheim ze versuergen bedait se just ze wäschten an ze fidderen an duerno an den Eck ze stellen ? Datt gemengt gëtt an engem Spidol, wou déi énnescht Arbechtercarrières regelméisseg vum SSM iwerholl ginn a wou all Daag e kierperlech a psychesch knallharden Job gemeet gëtt, géifen, d"Beschtverdénger vu Lëtzeburg" schaffen? Datt gemengt gëtt Erzéiher an enger Fixerstuff, an engem Obdachlosenfoyer, oder an enger Institution fir Leit mat Behënnerung dat sinn Idealisten, déi machen dat jo fir hier „Clienten“, déi wärtén jo elo net un sech selwer denken?

Jo Kolleginnen a Kollegen,

dir wésst et, an sou hard et ass, dat sinn d'Usiichten a Spräch vun eise Patronatsvertreter an dése Secteuren, vun denen, déi dovunner liewen dass där all Daag deen Job macht!

Kolleginnen a Kollegen,

Sie wollten net sérieux verhandelen, sie wollten eis net nolauschteren. Haut heieren se eis.

Si héieren eis bis op de Kirchbierg, bei d'Generaldirektioun vum Grupp Robert Schuman.

Si héieren eis bis op Esch, an d'Direktioun vun deem groussen a schéinen CHEM.

Si héieren eis um Belair, um Siège vun Hëllef Doheem.

Si héieren eis um Glacis, bei den Dammen an Hären Direktoren vun der Croix rouge.

Si héieren eis bei der COPAS, bei der Fédération des Hôpitaux, an och bei denen klengen Institutiounen.

Well mir sinn net méi ze iwwerhéieren!!!

Mir lossen eis et elo net méi gefaalen. Seit Joerzéngten kämpfen mir fir déi richteg Carrières. Fir d'Unerkennung vun eisen Beruffer. Mir stin haut hei fir eise Beruff ! Well desen ass op der ganzer Linn ennerbewaert. D'Aklasséierung vun eise Carrières gett eiser Ausbildung net gerecht. Eis Studien sinn iwert d'Joren émmer méi laang ginn eis Responsabilitéiten sin emmer méi gewuess, mee bai de Carrières ass naicht passéiert ! Bei de Gesondheetsberuffer sin iwert d'Joren och déi gesetzlech Aufgaben emmer méi erweidert gin. Et sin nei Beruffsfelder baikom, wéi z.b. den Aides et soins à domicile. D'Formation continue ass eng Selbstverständlichkeit fir des Beruffer ginn. An dat ass och alles gudd esou. A mir si stoltz op eis Beruffer déi net am Stillstand bleiwen. Mee wou bleiwt d'Unerkennung ?

Kolleginnen a Kollegen,

wéini kënnt se? Och bei de sozio-pädagogesche Beruffer ass d'Arbeitsfeld iwert d'Joeren emmer méi grouss gin. Di professionnell Erwardungen un des Beruffer sin emmer och méi grouss gin :

Kommunikatioun, Préventioun, Observatioun, Gestioun an Organisatioun, individuellen Encadrement, therapeutesch a pädagogesch Aktivitéiten, Elterenarbecht, berufflech Weiderbildung, asw, asw, An ech kann net alles opzielen hei A mir hunn dat alles ugeholl. An dat ass och gudd esou. Mee wou bleiwt d'Unerkennung ?

Kolleginnen a Kollegen,

An denen 2 Secteuren hu mär gudd Kollektivverträg ! An ech hunn et schon gesoot, déi sinn eis net geschenkt ginn. Déi sinn hard erkämpft ginn. Iwwer Joerelaangen gewerkschaftlechen Asaaz, an harden Verhandlungen, an och op der Strooss. A Scho seit Jorzingten kämpft den OGBL zesummen mat de betraffene Leit, a fuerdert dass d'Carrières endlech sollen richteg bezuelt ginn par rapport zu hierem Diplom. Well e groussen Deel vun eis schafft schon zenter Jorzingten a sengem Beruff. Mir hunn duerch eist Engagement matgeholf de Gesondheetssecteur / Fleegesecteur / Sozialsecteur opzebauen an zu dem ze machen wat en haut ass. A mir kënne stoltz op daat sinn waat do entstaanen ass. E groussen Deel vun eis sinn Fraën. Vill vun eisen Beruffer sinn nach émmer typesch Fraéüberuffer.

Kolleginnen a Kollegen,

ass daat den Grond? D'Fro drängt sech op, an Zäiten wou Gleichstellung téscht Mann a Fra eng Selbstverständlichkeit muss sinn, firwat grad des Beruffer dann hier Unerkennung net kréien ? An dann kënnt nach dobai, datt all déi Leit aus dem SAS zénter 2007 an all d'Leit aus FHL zénter 2009 keng Lounerhéijung kritt hunn ! Am SAS-KV fehlt zudem nach eng Punktwaarterhéichung vun 1,5% aus deem leschten Gehälteraccord.

Kolleginnen a Kollegen,

Ass fir eis d'Liewen an denen leschten 8 Joér net méi deier ginn ? Et geet elo duer !

Den OGBL fuerdert fir all d' Beruffer déi richteg Astufung déi dem Niveau vun hire Studie gerecht get !

Kolleginnen a Kollegen,

Dir wësst dass mir eis hei an engem öffentlechen an net kommerziellen Dentschleeschtungssecteur befannen, deen duech effentlech Gelder finanzéiert gett. An dat muss och esou bleiwen ! Et dierf kee Business mam Accueil vu klenge Kanner, der Fleeg vun eelere Leit oder dem Patient gemach gin ! Dofir fuerdert den OGBL och dass di selleg Privatcrèchen endlech müssen den SAS-KV fir hier Beschäftegt

uwenden ! Et kann jo net sinn datt mir haut an der Kannerbetreitung schon eng 2 Klassen Gesellschaft hunn ?! Et gëtt objectiv kee Grond firwat en Educateur an enger conventionnéeierter Crèche Arbechts- a Lounbedingungen aus dem SAS KV kritt, während en Educateur an enger privater Crèche de Mindestloun kritt ?

Kolleginnen a Kollegen,

Deen eenzegen Grond ass d'Beraicherung vun de Patronen an dene sëllegen klengen a mëttleren Firmen, déi di tonnen Privatcrèchen well sinn. An dat kann net sinn. An duerfir dem OGBL seng kloër Fuederungen : Privatcrèchen an den SAS KV ! elo !

Kolleginnen a Kollegen,

Dir wësst och dass dee link zu der Fonction Publique an eisen FHL an SAS Kollektivvertrag verankert ass.

Eis Arbechts- a Lounbedingungen entwickelen sech emmer paralell zu deenen am effentlechen Dëngscht.

Dat hu mir kollektivvertragglech verankert an eisem Artikel 28. Mir hunn den Artikel 28 hard erkämpft. An et ass net fir d'éicht wou d'Patronat deen a Fro stellt. An och haut erem gëtt eisen Artikel 28 attaquéiert. Et ass inakzeptabel, datt si èmmer erem de sozialen Fridden am Gesondheets- Flege- a Sozialsecteur op d'Spill setzen duerch dee Punkt. Well dat ass d'Réckgrad vun eise Kollektivverträg! Déi Koppelung un d'Gehälterverhandlungen an der Fonction publique garantéiert eis Gehälterstruktur am ganze Secteur. Sie dréit och dozou béri, dën effentlechen Dëngschtleeschungssektor ze stärken. A vun éngem starken a gudden effentlechen Dëngschtleeschungssektor profitéiert all Bierger hei am Land. Well mir hunn all gär datt eis Kanner gudd an héij qualitativ betreit ginn an de Crèchen an MRen. A mär erwarden all datt eis Elteren oder Grousselteren vum soins à domicile korrekt gepflegt a betreit ginn, a mir wënschen eis all wa mer müssen an d'Spidol datt mer mat der héchstméiglecher Qualitéit gehollef kreen.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir brauchen net ze beweisen wéi wichteg mär sinn fir eis Gesellschaft. Gesondheet an d'Famill ass dat wichtigst wat mer hunn.

Kolleginnen a Kollegen,

Elo as no langen Joren Kämpf endlech bei der Fonction publique eng Neiaklasséierung vun de Carrières geschit ! Och wann een sech fir d'Staatsbeamten eng besser Transitiounsphase gewünscht hätt fir all déi schon am Beruff sin. Elo muss endlech déi Enveloppe vun der Gehälterreform berechent ginn. Et get heech zait. Mir hunn laang genuch gewaard!! An dann gëtt déi Enveloppe an d'KV SAS an FHL transposéiert.

An dann muss d'Opwärtung vun de Carrières an FHL an SAS geschéien. An da geet et net datt Patronatsverbänn an denen 2 Secteuren mol net déi Berechnungen do matmachen ! An do geet et net datt si sech hannert enger Regierung verstoppfen. Well ech erenneren drun, d'Regierung huet am November 2014 en Accord mam OGBL, dem LCGB an der CGFP wou si sech schwarz op waiss engagéiert huet fir eis Kollektivverträg ze respektéieren. A bis haut huet kee vun der Regierung gesoot datt si sech net un deen Accord halen wellen.

Kolleginnen a Kollegen,

Si hunn et énnerschriwen. Sie stinn am Wuert. All aner Haltung wär e Vertragsbroch.

- Nodeems mir zenter Joerzengten streiden fir eis gerecht an iwverfälleg Revalorisatioun.
- Nodeems d'Gehältergesetzter beim Staat gestëmmt gi sinn.
- Nodeems déi éicht Staatsbeamten am Oktober 2015 reklasséiert gi sinn.
- Nodeems d'Politik sech dozou bekannt huet.
- No méintenlaangen Verhandlungen fir d'Opwärtung vun de Carrières, wou eis legitim Fuederungen èmmer erem op d'laang Bànk gedréckt gi sinn, Ass et inakzeptabel datt d'Patronatsverbänn aus SAS an FHL stillschweigend an abwartend sinn!!

Et ass inakzeptabel datt d'Fédération des Hôpitaux eis proposéiert huet: némmen en Deel vun der Punktwerterhéijung vun 2,2% auszebezuelen an eis laang iwerfälleg Carrièresunerkennung nach weider 18 Méint op Eis ze léen! An et ass inakzeptabel, datt d'COPAS, porte-parole an de Kollektivvertragsverhandlungen fir d'Patronat aus dem SAS KV, sech net zu senge Leit bekennt, an au contraire Drock op d'Personal mécht mat Drohungen vun Personalofbau an Erhéijungen vu Pensiounspréser wann eis Fuederungen emgesaat wieren!

Kolleginnen a Kollegen,

Den OGBL léisst déi Ugrëff vum Patronat op eis Carrières net zou! Den OGBL fuedert elo d'Patronatsverbänn op direkt hier kollektivvertraglech Verantwortung ze iwverhuelen! Mir fuederen vum Patronat dass si sech endlech op d'Sait vun hiere Leit solle stellen a sech fir déi richteg Bezuelung vun hierem Personal asetzen.

Mir fuederen en Anhaalen 1 zu 1 vun eisem Artikel 28. Dat wat si haut machen, ass eng Verletzung vun dem wat si selwer ennerschriwen hunn. An dat ass inakzeptabel !

Kolleginnen a Kollegen,

Et geet eis elo duer! Mir erwarden vum Patronat datt si dee Message vun haut, den Message vun..... vun Mataarbechter verstanen hunn. Mee wann se et nach net sollte verstanen hunn, mär halen elo net méi op! Mir halen net méi op bis eis Fuederungen emgesaat sinn.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir machen weider bis déi Ongerechtegkeet do 1 fir alle Mol aus der Welt geschaaf gëtt. Mir kommen erem. An wann et haut nach net duergaang ass, wärte mär mat allen gewerkschaftlechen Aktiounen eisen Drock oprecht erhaalen. Daan verschärft sech deen Konflikt. Mir wärtén weisen wéi wichteg des Dentschleeschungen fir eng Gesellschaft sinn! A wann mir haut op Strooss ginn dann net nemmen fir méi an der Paye. Fir iergendeng Lounerheechung.

Nee Kolleginnen a Kollegen,

mir ginn op d'Strooss fir endlech déi richteg Bezuelung, fir eng ganz legitim a berechtegt Fuederung vun gerechte Léin am letzebuerger Gesondheets, Pflege a Sozialwiesen!

An mir ginn och op d'Strooss fir eis wichteg a staark KV ofzesécheren fir d'Unerkennung vun de beruflechen Qualificatiounen fir d'Arbeitsplaazen ofzesécheren fir besser Personalbesetzungen an den Betrieb fir datt dat Personal wat do ass, motivéiert a qualifizéiert ka schaffen an och fir dee leit dee vun eis betreit ginn

Kolleginnen a Kollegen,

Mir sinn haut zu ... op der Strooss fir e bessert letzebuerger Gesondheets, Pflege a Sozialwiesen.

### Discours français

Merci pour votre présence.

Je tiens à remercier tous ceux qui ont exprimé leur solidarité avec notre secteur avant notre manifestation.

Ils ont compris, comme nous, à quel point le secteur social et le secteur de la santé sont importants pour le bien-être général de la société. Merci aussi à vous tous qui êtes là pour défendre nos conventions collectives de travail. Chers collègues nous sommes.....

Toutes les professions de nos secteurs sont représentées aujourd'hui: Les infirmiers et éducateurs, les pédagogues et aides-soignants, les ergothérapeutes et ASF, les auxiliaires de vie et les kinés, les psychologues et les artisans, les ouvriers et les collaborateurs administratifs et tant d'autres...

Toutes les structures des secteurs de soins et social sont là. Vous vous demandez certainement pourquoi nous avons emprunté des rues auxiliaires pour nous rendre sur la place des martyrs au lieu de marcher dans le centre-ville sur la place Clairefontaine. Et bien la bourgmestre de la ville de Luxembourg nous a refusé ce parcours avec l'argument qu'il y a braderie aujourd'hui et apparemment

l'association des commerçants de Luxembourg ville pèse plus que les intérêts de quelques milliers de salariés des secteurs santé, soins et social. Elle se trompe. Et votre présence le confirme.

Chers collègues,

On n'a pas voulu nous écouter. Les fédérations patronales ont refusé de négocier sérieusement. Ils ont refusé d'appuyer les revendications justifiées de leur personnel. Aujourd'hui on les oblige à nous écouter.

Chers collègues,

Nous sommes fiers de nos conventions collectives. Nos deux conventions sont l'épine dorsale des conditions de travail et de rémunération de nos secteurs. L'OGBL s'est battu pendant des années pour les améliorer et beaucoup d'avancées sociales ont pu être obtenus. Pas seulement à la table de négociation mais bien souvent dans la rue.

Chers collègues,

Ce n'est pas la première fois que nous marchons pour faire avancer le progrès social. Et certainement pas la dernière. Vous savez comme moi ce qui a toujours été le point d'attaque sur nos secteurs. Tout simplement l'article 28 des conventions. Cet article qui nous garantit les mêmes acquis que la fonction publique. Régulièrement le patronat réuni attaque cet article, met en doute ce lien et essaie de le supprimer.

Ceci est inacceptable. Nous sommes prêts à faire un bon boulot et la haute qualité des prestations de nos secteurs est due à la performance d'un personnel hautement qualifié et motivé. Et nous sommes motivés, nous faisons un bon boulot. Tous les jours, 7 jours sur 7 et 24 heures sur 24. Et nous sommes en droit de demander aux fédérations patronales d'appuyer leur personnel au lieu de leur faire pression sur leur salaire. Il est inacceptable que les employeurs, que ce soit la COPAS ou la Fédération des Hôpitaux ne respectent pas nos conventions collectives. Qu'ils n'appliquent pas enfin notre article 28. Qu'ils n'assument pas leur responsabilité de chiffrer l'enveloppe et qu'ils empêchent ainsi la juste revalorisation de nos carrières. Nous ne demandons pas des aumônes mais de la justice. Nous sommes partie intégrante du secteur public et par conséquent revendiquons d'être traité équitablement. On n'est pas dans le secteur marchand. Pour nous l'usager doit être la priorité absolue et non le profit financier. La santé n'est pas une marchandise. Chaque citoyen est dépendant d'un service public de qualité. Bien sûr cette qualité a un prix. Aussi au niveau du personnel. Après des années de lutte pour la revalorisation des carrières. Après que celle-ci ait eu lieu pour les fonctionnaires de l'état. Après que le gouvernement a signé un accord qui garantit la transposition intégrale de l'accord de la fonction publique dans les secteurs SAS et FHL.

Après des mois et des mois de négociation, l'OGBL n'accepte plus de délai supplémentaire. Revalorisation de nos carrières tout de suite. Respect de nos droits tout de suite. Reconnaissance de nos diplômes tout de suite. Pour un secteur de santé, soins et social de qualité.